# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Enrôlés de Force



**Plaz um Sentier de la Résistance zu Conter, wou 17 Beem fir déi 17 gefale Jonge geplanzt gouwen, mat engem Monument mat all hiren Nimm**

2 2005
Avril
45e année

# Nationalkongress vun der „Fédération des Enrôlés de Force"

## Samschdeg, den 21. Mee 2005

organiséiert vun der **Conter Sektioun zu Mutfert**, rue Medingen

**Vu 14.30 Auer un:**


- Rassemblement vun den Delegéierten am **Centre culturel zu Mutfert.**
- Receptioun vun den Invitéen an den Delegéierten an der Entrée vum **Centre culturel.** Do ginn och d'Delegatiounen enregistréiert.

**14.30 Auer:**

- Zeremonie mat Nidderleeë vu Blumme beim Monument aux Morts zu **Mutfert** bei der Kierch duerch eng Delegatioun vum Zentralcomité an der Sektioun **Conter**

**15.00 Auer:**

- Begréissung vum President vun der **Sektioun Conter Roger Diederich**
- Den Nationalpresident Jos. Weirich begréisst d'Delegatiounen
- De Generalsekretär Jim Bolmer presentéiert den Aktivitéitsbericht
- De Keessier Jules Giersch presentéiert säi Finanzrapport
- Rapport vun de Keesserevisoren, Neibestëmmung vu Keesserevisore fir de Kongress 2006
- Eventuell Froen a Kritiken zu de Rapporten
- Bestëmme vun der Uertschaft fir d'Organisatioun vum Kongress 2006
- **De President Jos. Weirich informéiert iwwert d'Gesetz vun der Schafung vum *Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé*, a vum *Centre de documentation et de recherche sur l'enrôlement forcé*.**
- Fräi Ausspprooch
- Usprooch vum Buergermeeschter **J.P. Schmitz**
- De President **Roger Diederich** schléisst de Kongress
- Éirewäin, offréiert vun der Gemeng **Conter.**




All Enrôlé-de-Force-Member ass um Kongress wëllkomm, ower nëmmen Delegéiert hu Stëmmrecht.



# Bienvenue à Moutfort



C'est avec grand respect et gratitude que la commune de Contern accueille en date du 21 mai 2005 le congrès national de la «Fédération des Enrôlés de Force».

Après les nombreuses manifestations de commémoration dans le cadre du 60e anniversaire de la Libération de notre pays, il y a lieu de rester vigilant dans la culture de la mémoire du destin des enrôlés de force, destin ponctué d'horreurs et de tragédies.

Il est donc de notre devoir à tous de relancer en permanence la mémoire collective, afin de commémorer le destin des enrôlés de force, et de tout faire pour qu'un tel drame humain ne se reproduise plus.


La commune de Contern, en association avec l'Association des enrôlés de force de la commune de Contern, pour sa part, n'a pas rechigné ces dernières années pour installer des signes visibles ou prendre des initiatives de commémoration, telles que la création du «Sentier de la Résistance et de la Jeunesse Sacrifiée 1940-1945», la plantation de 17 arbres avec monument commémoratif, l'instauration d'une unité pédagogique pour les classes de l'enseignement primaire.

En souhaitant aux responsables et aux membres de l'Association des «Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme» la bienvenue à Moutfort, je me permets d'exprimer au nom de toute la collectivité de la commune de Contern nos sentiments de profond respect et de merci.

**Jean-Pierre SCHMITZ**
**Bourgmestre de la commune de Contern**




# Message



D'Sektioun Conter heescht de Comité central an all Delegéiert aus de Sektiounen aus dem ganze Land zum dësjärege Kongress häerzlechst wëllkomm. Et ass schonn déi zweete Kéier, no 1999, wou de Kongress am Centre culturel zu Mutfert ofgehale gëtt, a mir si bestrieft, och dëst Joer eise Gäscht hiren Openthalt esou gutt wéi méiglech ze gestalten.

**CHRONIK**

iwwert eis Sektioun. Direkt nom Krich gouf an eiser Gemeng d'Ligue „Ons Jongen" Moutfert-Medingen gegrënnt. All Zwangsrekrutéierten aus deenen 2 Dierfer ware Member. D'Sektioun war ganz aktiv an huet enk mam Nationalkomitee zesummegeschafft. Si war bei alle kierchlechen a weltleche Manifestatiounen derbäi. Fir hir Keess ze sanéieren, gouf och all Joer Theater gespillt. An de Joren 1948-1949 gouf e Monument zur Erënnerung un eis gefale Jongen opgeriicht.

### *Heizou de Gemengerotsbericht vum 18. September 1948:*

**Der Gemeinderat**

*Nach Einsicht eines Schreibens der „Ligue Ons Jongen" Moutfort, vom 15. September letzthin, welche bei der Gemeindeverwaltung einkommt, um Bewilligung eines Subsides zur Errichtung eines Denkmals für die gefallenen und noch nicht zurückgekehrten Söhne der Sektion, beschließt einstimmig, der „Ligue Ons Jongen" Moutfort, ein Subsid von zehntausend Franken, zu Lasten der Sektion Moutfort, zu bewilligen. Die Hohe Oberbehörde wird ergebenst gebeten, diesen Beschluss zu genehmigen.*

*Ein Gesuch der „Ligue Ons Jongen" Moutfort zwecks Errichtung eines Heldendenkmals im „Freiheitsgarten" zu Moutfort wird günstig angenommen und bestehen von der Gemeindeverwaltung aus keine Bedenken dagegen. Die Genehmigung wird unter den in ihrem Gesuch ausgeführten Bestimmungen, nämlich dass die Ligue nie ein Eigentumsrecht an benanntem Platz beansprucht sowie von Gemeindeverwaltung der Platz mit dem Denkmal überlässt und weiter Vorbehalt der für Denkmäler geltenden*

*Gesetzbestimmungen und anderwertig erforderlichen Genehmigungen. So beschlossen zu Contern, Datum wie eingangs. Der Gemeinderat.*

Nom Opriichte vun dësem Monument an no der Bestellung vun enger Stëftungsmass fir eis gefale Jongen, sinn d'Aktivitéite lues a lues entschlof, bis an der Mëtt vun de sechzeger Joren d'Aktivitéiten erëm frësch opgelieft sinn. Dobäi gouf eng Sektioun fir d'ganz Gemeng an d'Liewe geruff.

### Heizou en Artikel aus dem „Luxemburger Wort"

*Die Zwangsrekrutierten der Ortschaften Contern, Moutfort, Medingen und Oetringen hatten am vergangenen Sonntag ihre Mitglieder in unsere Ortschaft eingeladen, um ihrer gefallenen und vermissten Kameraden zu gedenken. Eingeleitet wurde dieser Gedanke am Morgen durch ein feierliches Hochamt, an dem die Vertreter der Gemeinde teilnahmen.*

*Am Nachmittag fand man sich im Festsaal der Schule zu einer Generalversammlung ein. Fräulein Ernestine Bos dankte hier dem demissionierenden Präsidenten Eugène Schmit für sein Wirken im Dienste der Sektion. Die Rednerin gab einen Überblick über die Aktivität der verflossenen 2 Jahre.*

No dem allze fréien Doud vun der Presidentin gouf 1970 de Jung Alfred aus Conter zum neie President gewielt.

Mee am Laf vun de Joren duerno gouf et praktesch keng Aktivitéite méi, bis bei der Geleeënheet vun de Feierlechkeeten zum fofzegste Joresdag vun eiser Liberatioun, wou d'Sektioun de 14.3.1994 reforméiert an erëm nei opgebaut gouf ënnert der Presidentschaft vum Diederich Roger. No enger Statutenännerung konnten och Nokommen a Familljemembere vun den Zwangsrekrutéierten opgeholl ginn. Den 11. September 1994 ass duerch d'Gemengeverwaltung, op d'Initiativ vun den US-Veterans-Friends an den Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme, eng Plack un der Mutferter Kierch ubruecht gi mam Text:

„Plaz ONS JONGEN-AMERICAN VETERANS SQUARE en Souvenir de la libération 10.09.1994" gläichzäiteg mat enger Plack: „zu Éiere vun eise Krichsaffer an deenen, déi sech a schwéieren Zäite fir d'Heemecht agesat hunn".

Fir de sechzegste Joresdag vun eiser Liberatioun ass den 2. Oktober 2004 e Monument mat den Nimm vun eise gefalene Jongen aus eiser Gemeng um „sentier de la résistance" ageweit ginn, de Sentier, deen de 27. Mäerz 1999 op eis Initiativ hinn ugeluecht gouf a wou och 17 Beem als Erënnerung un all eenzelne gefalene Jong geplanzt goufen.

Niewent de Placken a Monumenter, déi bei Geleeënheet vun de fofzegjäregen a sechzegjärege Liberatiounsfeierlechkeeten ubruecht goufen, gëtt et an eiser Gemeng weider nach eng Rei Erënnerungsplacken a Monumenter.

Contern: Monument „À nos morts 1940–1945" dat den 29. Oktober 1967 ageweit gouf.

Moutfort: Monument „Moutfort Medingen à ses enfants morts pour la patrie" de 17. Oktober 1948 ageweit a wou 1994 eng Plack mat den Nimm vun eise 17 gefalene Jongen derbäikoum.

Oetringen: Eng Erënnerungsplack mat Text: „Loosst mer hei op dëser Plaz all eise Matbierger vun Éiter-Schraasseg gedenken, déi am 2.Weltkrich 1939–1945 fir eis Heemecht a fir eis Fräiheet ënnert der friemer Occupatioun gelidden hunn a gestuerwe sinn."

**Diederich Roger**
**President vun der Sektioun**
**Gemeng Conter**

# Kurzer Rückblick in die Geschichte

Den Namen Contern findet man zum ersten Mal in der Charta des Jahres 879. Die erste offizielle Erwähnung von Contern erscheint in einem Dokument des Papstes Honoré II. im Jahre 1128. Es besteht jedoch kein Zweifel, dass die Vergangenheit von Contern (Name keltischen Ursprungs) bis in die vor-romanische Zeit reicht.

Im Gegenteil zu den wenigen keltischen Überresten zeugen die vielen Funde römischen Ursprungs von der Bedeutung, die Contern während dieser Epoche hatte. So hat man Reste von einem römischen Tempel und von mehreren römischen Villen gefunden sowie auch einen Aquädukt, der das Zentrum der heutigen Ortschaft Contern durchquerte.

Im Mittelalter gerät auch Contern unter den Einfluss des Rittertums und des Christentums. Am Ende des 13. Jahrhunderts standen in Contern ein Schloss sowie eine Pfarrei, wovon die Kirche heutzutage einziger sichtbarer Zeuge bleibt. Mit berechtigtem Stolz auf die Vergangenheit, hat die Gemeinde Contern jedoch die Herausforderungen des 20. Jahrhunderts nicht vergessen und angenommen. Aus einer rein ländlichen Gemeinde hat sich die Gemeinde Contern ab 1945, im Einklang mit den Traditionen, auch auf industrieller und kommerzieller Ebene entwickelt.

Das kulturelle Leben der Einwohner der Gemeinde Contern ist über die Gemeindegrenzen hinaus bestens bekannt.

Die Einwohner führen einen einfachen und herzlichen Lebensstil, der sich in der grünen und hügeligen Landschaft der Gemeinde sowie in der von der Natur ausgestrahlten Ruhe widerspiegelt.

#### *Erklärungen des Ortsnamens Contern*

1. CONT = Grenze, Erde
   ER = Berg
2. COND = Wald
   TREF = Dorf
3. KON = Winckel
   DERO = Eiche



### Römerwege in der Umgegend von Contern

Während der Römerherrschaft (53. v. Chr. bis 476 n. Chr.) war das Territorium des Großherzogtums Luxemburg hauptsächlich ein Durchgangsgebiet, das zwischen den bedeutenden Städten der unmittelbaren Umgegend Arlon, Metz und Trier eingespannt war.

1. Der Römerweg „Kiem" von Dalheim nach Itzig kam beim so genannten „Syrener Kreuz" vorbei.
2. Beim „Syrener Kreuz" schnitt ein Weg diesen ersten. Er kam von Weiler und führte an Sandweiler vorbei nach Norden. Unterhalb von Contern ging eine Abzweigung als „Linsterweg" an der Villa auf Rolend vorüber nach dem „Scheid" dann weiter nach Norden.
3. Ein dritter Weg führte vom Weg unter 2 über den „Kirchenpad" über das „Henkesland", den Felsen mit der Fliehburg, über „Millbech" nach Moutfort, Oetringen und Niederanven.

### Römervillen in der Umgegend von Contern

Um das heutige Contern gab es ungefähr 10 römische Villen, wie verschiedene Überreste beweisen, so z.B. unterirdische Gewölbe, Reste von Ziegeln, Scherben von Gefäßen und Krügen, römische Münzen aus dem 3. Jahrhundert (unter der Haangles, auf Rolend, Rosswinkel, Distelrat, Henkesland, im Sauerfeld, vor am Leih, Conter Där, im Pratelt, Weihergewann).

Außerdem gab es römische Begräbnisstätten am südlichen Abhang der „Conter Heed", 50 m weiter östlich und im Ort genannt „In der Oicht", wo im Jahre 1936 ein vollständiges Grab mit 5 Urnen ausgegraben wurde.

### Gefallene Zwangsrekrutierte der Gemeinde Contern

Nachstehend, in alphabetischer Reihenfolge, die Namen der 17 gefallenen Zwangsrekrutierten:

| | |
|---|---|
| René BOS | Moutfort |
| Marcel DIEDERICH | Moutfort |
| René DIEDERICH | Moutfort |
| Gustave FRANZEN | Contern |
| Joseph GILS | Medingen |
| Théodore JUNG | Contern |
| Victor KARTHEISER | Medingen |
| Aloyse LEYTEM | Medingen |
| Nicolas LEYTEM | Moutfort |
| Nicolas LEYTEM | Moutfort |
| Alfred LORENT | Moutfort |
| René LORENT | Moutfort |
| Léon MELCHIOR | Contern |
| Léon REUTER | Moutfort |
| Otto SCHMIT | Pleitringen-Barrière |

### Verschiedene, die Gemeinde betreffende Zahlen

Fläche: 20.55 km²
Fläche der Gemeindewälder: 291.24 ha
Gemeindewege: 24,763 km
Feldwege: 12,083 km
Entwicklung der Bevölkerung:

| | |
|---|---|
| 1871: | 1 249 Einwohner |
| 1880: | 1 216 |
| 1900: | 1 098 |
| 1910: | 1 097 |
| 1947: | 1 236 |
| 1960: | 1 181 |
| 1970: | 1 639 |
| 1982: | 2 211 |
| 1987: | 2 430 |
| 1991: | 2 624 |
| 1994: | 2 662 |
| 1997: | 2 968 |
| 2000: | 3 055 |
| 2005: | 3 231 |

### Sektionen und Ortschaften:

Contern: Contern, Kroentgeshof, Chaux de Contern

Moutfort/Medingen: Moutfort, Brücherhof, Brüchermühle, Medingen, Mühlbach, Mühlbach-Moulin, Pleitrange

Oetrange: Oetrange, Oetrange-Moulin, Kacketerhof

### Der Vorstand der „Enrôlés de Force Section de la commune de Contern"

Diederich Roger, Contern
*Präsident und Sekretär*

Jung Alfred, Contern
*Vizepräsident und Kassierer*

Bos Joseph, Moutfort
*Mitglied*

Diederich Aloyse, Moutfort
*Mitglied*

Franzen Maria, Moutfort
*Mitglied*

Havé Paul, Oetringen
*Mitglied*

Muller-Melchior Nicole, Contern
*Mitglied*

### Die Gemeinde Contern im Krieg 1939–1945

55 Einwohner der Jahrgänge 1920-1926 wurden von den Nazis zwangsrekrutiert.

### Kriegsopfer

- 17 Männer sind gefallen
- 8 Männer wurden versteckt
- 17 Familien hatten 31 Widerstandskämpfer versteckt
- 2 Familien wurden umgesiedelt
- 7 Personen waren in den Gefängnissen und Konzentrationslagern



# Das regionale Museum der Zwangsrekrutierten


Mit dem neuen regionalen Museum der Zwangsrekrutierten verfügt Düdelingen über ein weiteres Dokumentationszentrum, das sich nahtlos in die geschichtlichen Institutionen der Stadt einreiht.

Die Institution hat ihren festen Standort in zentraler Lage gefunden. Ziel und Zweck der Institution ist es, die Erinnerung an ein düsteres Kapitel der Kriegsjahre zu bewahren und dafür zu sorgen, dass diese vor allem bei den jüngeren Generationen nicht in Vergessenheit geraten.

Die beeindruckende Sammlung der Ausstellungsstücke wurde während vieler Jahre mit Engagement und Ausdauer von der Düdelinger Sektion der Zwangsrekrutierten, der „Amicale des Enrôlés de Force", zusammengetragen.

Als anschaulich, übersichtlich und thematisch geordnet präsentiert sich im neuen Regionalmuseum die Sammlung von Bildern, Dokumenten, Plakaten und militärischem Material besonders aus Amerika, England, Frankreich und Deutschland.

Die verschiedenen Etappen in der Geschichte der Sektion Düdelingen der Zwangsrekrutierten und die Einweihung der Kriegsdenkmäler in der Stadt werden dokumentiert und auch ganz allgemein der Kampf der Zwangsrekrutierten um Anerkennung und ihre historische Vertretung im Abgeordnetenhaus.




Das regionale Museum der Zwangsrekrutierten ist jeden Dienstag und jeden Donnerstag von 8.30 bis 11.15 Uhr geöffnet. Auf Vereinbarung sind auch Besichtigungen an Sonn- und Feiertagen möglich sowie weitere Termine nach telefonischer Absprache.

**Musée régional des Enrôlés de Force**
**57, place de l'Hôtel de Ville**
**L-3590 Dudelange**

**Auskunft:**
**Tel.: 51 41 23 und 51 43 898**







**Opruff un all zwangsrekrutéiert Meedercher a Jongen:**

## d'Historesch Wourecht festhalen

De Musée régional vun den Diddelenger Zwangsrekrutéiert, eemoleg an der Lëtzebuerger Geschicht, huet ee kloert Zil, an dat heescht, d'geschichtlech Dokumentatiounen am Musée régional zu Diddeleng ze konzentréieren, fir se de Visiteuren ze presentéieren.

Schéckt oder bréngt alles, siewen dat Fotoen, Bréiwer, Dokumenter asw. un dës Adress:

**Musée régional des Enrôlés de Force,**
**57, place de l'Hôtel de Ville**
**L-3590 Dudelange**



# Historique iwwert d'Schafung vum „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé"

Mam Gesetz vum 25. Februar 1967 si verschidde Mesüre getraff ginn zu Gonste vun deene Persounen, déi d'Opfer vun illegalen Handlunge vum preiseschen Occupant gi woren.

Am éischte Kapitel gëtt den Éierentitel „Resistenzler" geschaf a gläichzäiteg gëtt den „Conseil national de la résistance" an d'Liewe geruff.

Am zweete Kapitel gëtt den Zwangsrekrutéierten d'Qualitéit als „Naziaffer" (victime du nazisme) zouerkannt, a gläichzäiteg ass de Kanner vun de gefalenen, vermëssten an duerch Krichsafloss gestuerwene Lëtzebuerger de Statut als „Pupille de la Nation" zouerkannt ginn.

No enger Partie Joren ass altersbedéngt doriweer nogeduecht ginn, wat geschitt, wann di offiziell Representatioun nit méi géif fonktionéieren. D'Regierung wollt awer nit d'Zoustännegkeet vum „Conseil national de la résistance" verschwanne loossen an huet d'Schafe vun engem „Comité directeur du souvenir de la résistance" an d'Wee geleet. Dëse Virschlag ass Realitéit ginn duerch d'Gesetz vum 20. Dezember 2002.

Dorophin huet d'Federatioun vun den Enrôlés de Force eng Audienz beim Staatsminister Jean-Claude Juncker ugefrot, fir eng ähnlech Institutioun ze schafen, déi d'Erënnerung un d'Zwangsrekrutéiert géng oprecht erhalen.

De 24. Mäerz 2003 si véier Membere vum Nationalcomité vun der Federatioun vum Staatsminister empfaange ginn. Et waren: Jos. Weirich, Jim Bolmer, Gaston Junck an Emile Gruber. De Staatsminister huet gläich positiv op eis Revendikatioun reagéiert an äis nogeluecht, och ee Projet auszeschaffen am selwechte Sënn wéi dee vum „Comité du souvenir de la résitance".

Mir hunn dorophi gläich ee Projet de loi ausgeschafft. Den Deputéierte Paul-Henri Meyers war Rapporteur vum Gesetz iwwer den „comité directeur du souvenir de la résistance", an et ass och aus deem Grond, datt mir him eise Projet de loi pour avis ginn haten. Nodeem den Här Meyers e puer kleng Ännerunge virgeholl hat, hu mir den 20. Juni 2003 dem Staatsminister J.-C. Juncker eise Projet mat engem Begleetbréif zougestallt.

Et huet laang Zäit näischt sech geréiert, an dunn hu mir den 18.3.2004 de Staatsminister an engem vertrauleche Bréif un eist Uleies erënnert.



*Kammerpräsident Lucien Weiler stellte den Gesetzentwurf über das Dokumentationszentrum persönlich vor.*

Am Juni 2004, just virun de Chamberwalen, huet d'Generalsekretärin vum Regierungsrot Octavie Modert eis matgedeelt, dass eise Projet de loi an der Chamber deponéiert gi wier. Mat enger Dépêche vum 10. Juni 2004 huet de Staatsminister eise Projet de loi un de Staatsrot weidergeleet.

De 6. Juli 2004 huet den „Conseil d'Etat" no enger Vollversammlung ee positiven Avis ofginn.

No enger Récksprooch mam Här Chamberpresident Lucien Weiler ass eisem President Jos. Weirich versëchert ginn, datt eise Projet demnächst op den Ordre du jour vun der Chamber kéim, an hie selwer géif d'Charge vum Rapporteur iwwerhuelen.

Den 3. Mäerz 2005 stong wierklech eise Projet op der Dagesuerdnung vun eiser Deputéiertechamber.

Als Vertrieder vum Comité vun eiser Federatioun ware mir zu 5 Mann héich ugetrueden, fir bei deem memoraablen Akt an der Chamber dobäi ze sinn. Et waren de Jos. Weirich, Jim Bolmer, Nic Champagne, Norbert Melcher an Emile Gruber.

An der Aula vun der Chamber si mir gläich vum Chamberpresident Lucien Weiler fréndlechst empfaange ginn, deen sech ganz zouversichtlech gewisen huet fir dee bevirsteeënde Vote vun eisem Gesetzvirschlag. Den Här Weiler huet et nit verfeelt, fir eis du bescht Gréiss a Gleckwënsch vum Grand-Duc Jean z'iwwermëttelen, déi hie beim leschte Besuch zu Fëschbech mat op de Wee kritt huet. Et war dat natierlech am Zesummenhank mat dem bevirsteeënde Vote vun eisem Projet de loi iwwer de Comité du Souvenir.

Mir hunn uschléissend Plaz geholl op der Tribün an der Chamber an hu mat enger gewësse Spannung der Sëtzung vun der Chamber entgéintgekuckt. Et war fir äis eng besonnesch Éier, datt de Chamberpresident de Virsëtz dem Vizepresident Laurent Mosar iwwerlooss huet, fir héchstperséinlech d'Charge vum Rapporter vun eisem Gesetzvirschlag z'iwwerhuelen.

No der Eréffnung vun der Sëtzung huet als éischte Riedner den Här Weiler eise Projet virgestallt an hien huet et fäerdeg bruecht, d'Begrënnung an d'Wichtegkeet vun dësem Projet de loi duerzeleeën. Duerno hunn di verschidde Fraktiounsvertrieder d'Wuert ergraff an un dat trauregt Schicksal vun den „Enrôlés de Force" erënnert. Si hunn all déi néideg Wierder fonnt, fir un di Dramatik vun deemols ze erënneren. Mir waren zäitlech ergraff, wéi eist Schicksal vun deemools, viru méi wéi 60 Joer, duergestallt ginn ass. Et eriwwregt sech, fir op déi eenzel Rieden anzegoen, well mir dat alles spéider am Rapport analytique vun der Chamber noliese kënnen. Begréissenswäert bleift et op jidde Fall, dass di 58 uwiesend Deputéierten eise Projet eestëmmeg ugeholl hunn a gläichzäiteg vum zweete Vote entbonnen hunn. Hinnen alleguer eisen oprichtege Merci!

# 10. Konveniat vun de Komeroden aus russescher Gefaangeschaft 7. Dezember 1945 den 11. Dezember an der Stad



Um Kanounenhiwwel hate se sech getraff, fir hire Komeroden ze gedenken, déi deemools dat grousst Gléck net haten, mat heem ze kommen, ower och deenen, déi äis allze fréi verlooss hunn. Zu deer ergräifender Feier virun der éiweger Flam haten sech eis Éieregäscht afonnt, de Chamberpresident Lucien Weiler, d'Schäffin Madame Colette Flesch, den éischte Sekretär vun der russescher Ambassade, de Federatiounspresident Jos. Weirich mat Member vum Zentralcomité, Guy De Muyser, President vum Mémorial de la Déportation, Johny Schmidt, Croix de Guerre et de la valeur militaire, Johny Hellenbrandt, Vertrieder vun de LLMIG, souwéi Vertrieder vun der Relève des Enrôlés de Force. Ënnert de Kläng vun der Sonnerie aux Morts goufe Blummen néiergeluecht vun der Damm Anne Berns-Kerschen, Jean Meyrer an Norbert Melcher.

D'Commemoratiounsmass ass ëm 11 Auer an der Kathedral vum Komerod André Heiderscheid um Marienaltor zelebréiert ginn. A senger Wëllkommusprooch huet hien de Merci ausgesprach un déi Responsabel vun der Kathedral, déi esou prompt ëmdisponéiert hunn. Merci den Organisatore vun der Gedenkfeier, déi ëmmer derfir suergen, dass eis ongléckleche Komeroden nimools vergiess sinn. En Extraluef dem Chouer ënnert der Direktioun vum Oscar Leonardy, dem Organist, e gutt bekannte Komerod, den André Hommel, an net ze vergiessen dem Quatuor à cordes vun der Militärmusek. Ervirgestrach soll den noble Geste vum Koschter Alain Feltes ginn, dee fir dës Mass de Kellech vum Pater Stoffels zur Verfügung gestallt huet. De Pater Stoffels ass an der Gaskummer zu Hartheim (Annex Mauthausen) ëmbruecht ginn. A senger Priedegt huet den André Heiderscheid bezunn op d'Buch vun de Psalmen, datt villes hiweist op d'Moral vun de verschleefte Jongen, wann se héieren hu vun der Landung, d'Liberatioun vu Lëtzebuerg, an dann d'Rundstedtoffensiv am Wanter 1944. Wann se sech och gefreet hu fir déi doheem, dann hunn si ower gelidden, dass si net derbäi konnte sinn. „Mer hu gekrasch, wa mer un heem geduecht hunn." Wann um Ufank och munchen nidderge-schloe war, dann ass dat an Trotz iwwergaang, an en zitéiert heibäi den Demy Trausch vu Selschend, dee mat der Fauscht op den Dësch geschloen, a mat Iwwerzeegong gejaut huet „a si wannen awer net!". Et ass an et bleift eis Flicht, fir un all déi ze denken, déi, déi d'Heemecht ni méi erëmgesinn hunn.



No der Wandlung gouf hirer all gedeecht, déi äis scho verlooss hunn, a besonnesch de Komeroden, déi am Joer 2004 vun äis gaange sinn: de Léon REUTER vu Bieles, de Jean PETERS vun Uewerkuer an den Albert OSWALD vu Stengefort.

No der Gedenkmass hu mir äis zesummefonnt am Grand Hôtel Cravat, wou de Menü alle gutt geschmaacht huet. Kichen a Service hu wonnerbar geklappt. An enger kuerzer Generalversammlung ass eis Journée commentéiert ginn, a jiddwereen war voll a ganz mam Verlaf zefridden. De Keessebericht ass jiddwerengem ausgehännegt ginn. Dat nächst Joer gëtt et 60 Joer, dass mir op engem 7. Dezember 1945 heem koumen. Wéi dat gefeiert gëtt, hänkt vu ville Faktoren of, sief et zesumme mat den Tambower um Kanounenhiwwel an, an der Kierch, duerno jiddwereen säi Wee, oder jiddwereen mécht seng Feierlechkeet. Eng Decisioun wäert sech am Laf vun deenen nächste Méint schonn erausschielen.

De Responsabelen huet sech bedankt bei allen, déi un dëser Journée deelgeholl hunn, ervirgestrach d'Leeschtung vun eisem Chouer ënner dem Leonardy Oscar, dem Organist André Hommel, keen Onbekannten an eise Reien, an dann dem Komerod André Heiderscheid, deen äis an senger Priedegt ëmmer gefaangen hält, et géif een eng Spéngel héieren op de Buedem falen. De Merci geet ower nach un de Jos. Weirich, President vun der Federatioun, mat deene verschiddene Membren.

A sengem Schlusswuert huet de Jos. Weirich merci gesot, den Organisatoren, an dass all dës Gedenkfeieren néideg sinn, fir der Jugend ze beweisen, dass et an deenen ongléckleche Joren ëmmer Leit gouwen, déi de Kapp net hänke gelooss hunn, an en zitéiert dann nach eng Kéier d'Wierder vum Demy Trausch „a si wannen awer net", an dat ze bekräftege mat der Lëtzebuerger Parol „Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn".



### Erinnerung an das NS-Massaker von Sonnenburg/Slonsk vor 60 Jahren

# 91 Kerzen für 91 kaltblütig ermordete Kameraden

## Am „Kanounenhiwwel" und in der Krypta wurde der vielen jungen Luxemburger Opfer gedacht

**Antony Léonard, Baulesch Armand, Baum Pierre, Becker Gusty, Bernardy Jean-Paul... Gegen Ende der Erinnerungszeremonie der „Fédération des Enrôlés de Force" am Sonntag 30. Januar in Luxemburg erklangen die Namen der 91 Luxemburger „Jongen", die in der Nacht vom 30. auf den 31. Januar 1945 von den Nazis hingerichtet wurden. Die Ermordung von 819 Häftlingen im Zuchthaus Sonnenburg, dem heutigen Slonsk, gilt als eines der letzten großen NS-Verbrechen. Zwei Tage später erreichte die Rote Armee das Lager und entdeckte die Leichen.**

Um 14. 30 Uhr erklang die Melodie des Liedes „Eise gefalenen a vermësste Jongen zum Gedenken". Ehrentrompeter Edmond Faber spielte sie. Zuvor hatten sich die drei Fahnenträger, John Hellenbrand von der „Ligue luxembourgeoise des mutilés et invalides de guerre", Henri Niederkorn von den „Enrôlés de force" aus Luxemburg und Baudouin Strasser von den „Enrôlés de force" aus Düdelingen, hinter dem ewigen Feuer auf dem „Kanounenhiwwel" aufgestellt.

Dort wurde der schlichte erste Teil der Erinnerungszeremonie an die 91 Luxemburger Opfer abgehalten, die dem verbrecherischen Massaker im Zuchthaus Sonnenburg zum Opfer fielen. Die Zeremonie findet jedes Jahr am 30. Januar statt, dem Tag, an dem sich fernab der Heimat die Tragödie ereignete, die sich in der vergangenen Nacht zum 60. Mal jährte.



*Wider das Vergessen: Die Erinnerung an die Opfer von Sonnenburg begann traditionsgemäß am „Kanounenhiwwel".*

Gemeinsam legten der Präsident der „Fédération des enrôlés de force, victimes du nazisme", Jos. Weirich, die Präsidentin der „Association des survivants des enrôlés de force", Melanie Flammang, und Nic. Champagne, Schatzmeister des „Mémorial de la déportation" und Mitglied im Zentralkomitee der Föderation, Blumen nieder, um der Ermordeten zu gedenken.

Nach der „Sonnerie aux morts" und der „Nationalhymne" bedankte sich Jos. Weirich bei den Anwesenden – „Chamber"-Vizepräsident Niki Bettendorf und Stadtbürgermeister Paul Helminger – und bat alle in die Krypta der Kathedrale, um dem zweiten Teil der Zeremonie beizuwohnen.

### Urne mit blutbefleckter Erde als symbolisches Grab

Als die Teilnehmer der Gedenkzeremonie in der Krypta eintrafen, brannten dort bereits 91 Kerzen, um an die 91 Luxemburger Opfer zu erinnern. Um 15 Uhr – das Mittelschiff war bis auf den letzten Platz gefüllt – leitete Edmond Faber in seiner Eigenschaft als „Clairon d'honneur"

den zweiten Teil der Zeremonie ein – mit dem Lied „Ste' op mei Land" von Albert Thorn.

Im Namen der Zwangsrekrutierten-Föderation ergriff anschließend Generalsekretär Jim Bolmer das Wort. Er dankte allen Anwesenden, insbesondere den zahlreichen Vertretern „patriotischer Vereinigungen" für „die Teilnahme an der Feier, wenn dieses Wort hier überhaupt angebracht ist, für die 91 massakrierten Luxemburger Jongen". Bolmer erinnerte auch an das symbolische Grab, eine Urne mit blutbefleckter Erde aus Slonsk, das sich in der Kapelle des „Monument de la solidarité nationale" am „Kanounenhiwwel" befindet.

„Heute sind es auf den Tag genau 60 Jahre her, dass die Nazis ein Kapitalverbrechen an der Luxemburger Jugend begingen. Im Zuchthaus von Sonnenburg wurden 819 Gefangene aus mehreren Ländern, darunter mindestens 91 Luxemburger, bestialisch ermordet", so Generalsekretär Bolmer, der es vorzog, nicht auf die Einzelheiten einzugehen, um dem Dokumentarfilm nicht vorzugreifen. Außerdem seien im Zusammenhang mit den Feiern zum 60. Jahrestag der Befreiung des KZs von Auschwitz schon genug „schlimme Bilder" gezeigt worden. „Leider entsprechen sie aber der Wahrheit."

Der Redner unterstrich, dass er mit Schrecken registriert habe, wie sich legal gewählte Vertreter unlängst im Parlament von Sachsen benommen hätten. „Auch deshalb müssen wir uns erinnern!"

Nach dem Lied „Eise gefalenen a vermësste Jongen zum Gedenken" wurde der Dokumentarfilm „Das Massaker von Sonnenburg" gezeigt, den Marcel Heinen und André Hohengarten im Auftrag des „Mémorial de la déportation" herstellten und der auf die schrecklichen Ereignisse von damals eingeht.

„Sonnenburg, fast acht Monate musste ich in diesem Stall leben; aber eigentlich ist das Wort Stall fehl am Platz, denn ich habe noch kein Schwein gesehen, das unter solchen Bedingungen leben musste", heißt es an einer Stelle im Film, dessen Schwarzweiß-Bilder auf eine Leinwand in der Krypta projiziert wurden – darunter leuchteten die 91 Kerzen in Erinnerung an die 91 Toten aus Luxemburger Sicht.

### „Sie starben für die Ehre, für die Heimat, für uns alle"

823 Häftlinge des Zuchthauses Sonnenburg, etwa 90 Kilometer östlich von Berlin im heutigen Polen (daher der Name Slonsk), wurden in Zehnergruppen per Genickschuss hingerichtet. Ohne Prozess. Gegen 22 Uhr begann das Gemetzel, das nur vier überlebten. Der Dokumentarfilm schloss mit den Luxemburger Opfern, deren Namen in alphabetischer Reihenfolge und mit Altersangabe vorgetragen wurden. Die meisten waren 19, 20, 21 Jahre alt. In Slonsk erinnern eine Gedenktafel, ein Monument und eine Ehrenpforte an sie.


Nach einer Schweigeminute für die toten Kameraden spielte Edmond Faber die Melodie von „Du aremt Lëtzebuerger Kand – Fir den Nikla a fir all Ons Jongen, déi ni méi erëmkommen".

Dompropst André Heiderscheid erinnerte daran, dass Gauleiter Simon mit seiner Forderung, dass kein Luxemburger Fahnenflüchtiger den Krieg überleben dürfe, das Schicksal der Häftlinge von Sonnenburg besiegelte. „Sie starben, weil ihnen das Gewissen mehr bedeutete als der deutsche Zwang. Sie starben für die Ehre, für die Familie, für uns alle." Ihr Tod sei umso tragischer, da zu diesem Zeitpunkt die Heimat bereits seit vier Monaten befreit und die Ardennenoffensive für Deutschland verloren war: „Sie starben für unsere Heimat, die damals noch aus tausend Wunden blutete. – Här, looss si zousätzlech Patréiner vun onser Heemecht sinn a maach, datt mir äis hirer würdeg erweisen."

Zum Abschluss der Gedenkzeremonie sang die „Chorale" der Zwangsrekrutierten-Föderation das Lied „Un Ons Jongen" sowie zwei Strophen der „Heemecht".


**„Esou laang wéi d'Maacher Mauere stinn, esou laang wéi ëm de Kräizerberreg d'Riewe bléin, wäerte mir éis Komeroden net vergiessen an trei zu éiser Heemechtsstad stonn."**

**Dat Verspriechë vun „Ons Jongen" war de Grondsteen vun enger Zeremonie an Traditioun um Kräizerberreg, dat och dëst Joer den 10. Juli 2005 vun der Sektioun Maacher agehale gëtt.**



**D'Federatioun vun den Enrôlés de Force biet d'Sektiounen a besonnesch d'Caissieren, d'Cotisatioune vun 2005 virum 10. Mee op de Federatiounskonto CCPL IBAN LU78 1111 0313 2995 0000 ze iwwerweisen. Merci fir Är Mathëllef!**






## Wer kann mir Auskunft geben?

Ich möchte Einzelheiten erfahren über die Wehrmachtszeit von meinem Onkel „Edouard OLINGER" geboren am 16. Januar 1920, gefallen im Frühjahr 1945 in Nord-Mähren (früher Tschechoslowakei). Sein Grab befindet sich bei VALAŠSKÉ-MEZIŘÍČI (WALACHISCH-MESERITZ) in Tschechien. Weiß vielleicht jemand, wo er im Arbeitsdienst war? Gibt es noch ZWANGSREKRUTIERTE, die mit ihm in der Wehrmacht waren? Er war in der STAMM-KOMPANIE / LANDES-SCHÜTZEN – ERSATZ- UND AUSBILDUNGSBATAILLON 12. Letzte Meldungen gab es von ihm am 15. Oktober 1944 und am 16. März 1945 wo er der ZWEITEN KOMPANIE / GRENADIER-REGIMENT 944 angehörte.

Adresse: VALLENDER Armand
2, rue du Cimetière
L-3396 ROESER
Tel.: 36 82 56



## Oktavmass vun den Enrôlés de Force

Déi traditionell Mass fir déi gefalen, vermëssten an allze fréi verstuerwen Zwangsrekrutéiert ass en

**Donnschdeg, den 21. Abrëll 2005, um 11.15 Auer.**

Wéinst dem aussergewéinlech groussen Undrang, bedauert de Federatiounskomitee, de Pilger-Cortège missen ofzeschafen.
Rendez-vous vun de Fuendelsdréier an der Entrée vun der Kathedral, si ginn ëm 11 Auer geschlossen op hir reservéiert Plazen.

## Enrôlés de Force, Sektioun Norden Cliärref zesumme mat dem Comité central

**E Sonndeg, de 24. Abrëll**

ass d'Gedenkzeremonie géint 16 Auer no der Muttergottesprëssessioun zu Cliärref beim GI-Denkmol, organiséiert vun der Sektioun Norden Cliärref mat dem Comité national vun der Federatioun.



# De Kräizwee vun den Zwangsrekrutéierten

### Die Meinung von FELLER Jessica und JANS Catherine (Lycée classique Diekirch 11EM2)

## Jessica

Ich persönlich finde, dass das Denkmal eine sehr gute Kritik verdient hat. Was ich interessant finde ist, dass es nicht nur eine einzige Station gibt, sondern insgesamt 14.

Auf den Stationen sind genau die einzelnen Etappen des Krieges dargestellt, und daher kann man sich ein wenig vorstellen, was überhaupt passiert ist. Durch das Monument habe ich festgestellt, dass junge Leute in unserem Alter einen Leidensweg gehen mussten. Nach dem Gespräch mit Herrn Linster, der uns das Monument in jedem Detail erklärt hatte, und selbst im Krieg war, konnte ich mir ein besseres Bild vom Krieg machen.

Jedes Monument enthält Zeichnungen, die eine Situation aus dem Krieg schildern. Es ist daher nicht langweilig und interessant, die Zeichnungen zu betrachten. Ich finde es sehr gut, dass das letzte Monument der insgesamt 14 Stationen deren Dank an alle Zwangsrekrutierten und Mithelfer aus der Kriegszeit ausspricht. Denn dies ist das Mindeste, ein Denkmal für diese Menschen zu errichten, dass wenigstens noch die Generationen danach etwas von dem Krieg mitgeteilt bekommen.

Das Denkmal liegt auf einem besuchten Spazierweg, was ich wiederum gut finde, denn das Monument wird somit von vielen Passanten betrachtet. Ich finde, dass die Denkmäler zum Krieg gehören und es noch das Einzige ist, was noch dran erinnert.

## Catherine

Ich finde es wichtig, Denkmäler zu errichten, die Opfern der Kriege gedenken. Somit vergessen wir nicht. was diese Generation Schreckliches miterleben musste, wie sie bis zum Tode freiwillig oder gezwungen kämpfen musste.

Positive Punkte unseres Denkmales „Ons Jongen" sind, dass es in freier Natur liegt. Es ist eine ruhige und schöne Gegend und die 14 Stationen sind auf einer Fläche von 200 Metern aufgebaut, sodass man einen kleinen „Spaziergang" entlang der einzelnen Stationen machen kann, um diesen Jungen zu gedenken. Auf jeder der 14 Stationen ist ein Bild von einer Kriegssituation zu sehen. Durch die bildlichen Darstellungen kann man sich verschiedene Situationen als Jugendlicher besser vorstellen. Mit den dazugehörigen Texten begreift man, wie schlimm der Krieg war, und auch ich habe viel Neues zum 2. Weltkrieg dazugelernt. Wenn man das Denkmal „ons Jongen" besucht, fällt einem auf, dass es zu jeder Jahreszeit sehr sauber und gepflegt ist. Dies, finde ich auch ein sehr positiver Punkt.

Was ich am Beeindruckendsten finde, ist, dass die überlebenden Zwangsrekrutierten die Kraft hatten, dieses Denkmal für ihre verstorbenen Freunde und für all die Familien, die unter dem Krieg litten, zu errichten.

Durch Robert Linster, Bücher und viele Broschüren habe ich bemerkt, dass die Menschen sehr von dem Denkmal eingenommen sind, denn die 14 Stationen wurden noch nie beschädigt. Heutzutage wäre es schon fast normal, wenn die Stationen mit Graffiti voll gesprüht wären. Jedoch ist dies nicht der Fall. Man merkt, dass auch die Jugendlichen Respekt vor dieser Gedenkstätte haben.

Ich finde es also eine gute Idee, Denkmäler zu errichten. So kann man an die Betroffenen denken und ihnen danken.

Insgesamt hat mir das Projekt, uns mit einem Denkmal auseinander zu setzen, sehr gut gefallen. So haben wir uns das Denkmal mal sehr genau angesehen und auch mit einem Opfer des Krieges gesprochen, der uns seine eigene grausame Geschichte erzählt hat. Mit diesem Projekt habe ich sehr viel für mich dazugelernt.

# Exkursioun Lëtzebuerg-Stad den 10. Juni 2004





### Copie vun engem handgeschriwwene Fluchblat vun der LPL Ueschdref am Joer 1942

LPL

Un all frei Letzeburger!

D'Letzeburger Patrioten hun am Hiérz gekrad wé se hu misse gesin, dat e so'vill Letzeburger d'lescht Zeit hird Land verroden hun, an der deitscher Partei „Heim ins Reich" beigetro'de sin. – An anere Länner stiérwen an desem Moment Dausende vu Leit fir hirt Land an hir Freihet. Bei ons, wo' et sech emmer so' glecklech gelíewt huot, verroden aus freie Stecken Letzeburger d'Land an d'Kro'n. – Si enerschreiwen fir vun Deitschland annecktéerd ze gin: de eng well et gebuere Verräter sin, dé äner aus Feighéd oder well s'ob e Profit spekulé'ren, oder fir dat se hird kommo'd Lié'wen ongestéert kenne firu féeren, oder well se mengen et wär „force majeure" an et gé'f kén äneren Auswé'. – Wat eng Schän fird ganzt Land! Wé ass et nemme méglech dat e Letzeburger seng sché'n Hémecht verrode kann a vertausche well mat Deitschland, dem greisleche Land, mat sengem miserablen Naziregime a senger verhapster Gestapo, dé ueischt weider kennen wé brutalen Terror, am Num vun der Freihed gemeng Vergewaltigong, am Num vun der Gerechtegkéd onverschimt Gangsterei a Plönnerei, am Num vun Neiördnung Lüg a Bedrog a Niderträchtigkéd, iweráll do, wo' se haut gé'ut all Recht alles nidderträp: pelen, wat mir Zivilisation a kröschtlech Kultur nennen. Wiull frei an onofhängeg Länner hun se schons onglecklech gemäch. Wat müssen ons do' deg Klöppelkrichbauere an ons Legionären denken, dé fir d'Hémecht

an der Do'd gange sin, wé werden dé Genera-
tionen no eis jugé'ren iwer all dé Feighéd
an dé Verrot un der Héemecht, - an dât e
Joer no der Centenärfeier vun eiser Onof-
hängegkéd 2/1. Wat werd ons Grossherzogin den-
ken, dé fir ons an den Exil gangen ass, an
zu onser Hergod béd, dat Hién ons d'Freihéd
erem get als Lo'hn fir ons Héemechtstrei!
D'Letzeburger Patrioteliga (L.P.L.) appelé'ert
heimat u sämtlech trei Letzeburger a rifft
hinnen zo': „Definitiv Schluss mat Landesverrôt
Vun haut u keng Ënnerschreft mé fir d'V.D.B.
enner kengen Ëmstenn. Hält iéch eweech vun
allen hire Reunio'nen a vun hire Memberen
Ënnerstetzt nemmen dé brav Letzeburger
dé der Héemecht trei bliwe sin. Notéert
an iwerwâcht d'Verräter an ärem Emkrés, be-
sonnesch all dé aktiv sin, an eng Charge hun,
well et kent de Moment, an en ass nit mé
weit eweech, wo' mat all dénen ofgerechnet gét.
Dërfir schlésst ech zesummen all dir trei Letze-
burger, a wârd onse „mot d'ordre" ow, so'bal
et méglech ass triéde mir an action. L.P.L.
Den 23. Januar ass onsen Nationalfeierdag
nach mé ewé soss muss e gefeiert gin. Durofir
darf den Dag nit geschafft gin, ditt är Sonn-
deskléder ân, a gitt an den Te Deum, we soss
Jooren, mat stommer Demonstratio'n!
Vive onst freit Letzeburger Land!
Vive ons sché'n an onofhängeg Heemecht!
Vive ons léiw Grossherzogin Charlotte!



# IN PACE

D'Amicale GEMBITZ-DEUTSCHWALDE
trauert ëm hir Komeroden

**ANTOINE Jean**
**GEORGES Jean-Pierre**
**ZIMMER Joseph**
**HANTEN Camille**

Si wäerten hinnen ëmmer
a gudder Erënnerung bleiwen

D'Sektioun vun den Enrôlés de Force
WALFER
gedenkt hire Verstuerwene
vum leschte Joer

Et sinn dat

**CONRARDY Pierre**
**HATZ Vincent**
**WEBER-WEBER Suzanne**
**HENZIG Jean**

Mir wäerte si ëmmer
a gudder Erënnerong behalen

# Vœux de Nouvel An

Vill Gléck am neie Joer an eng gutt Gesondheet

**SEKTIOUN SUESSEM**

Rectificatioun:
KOHNEN Norbert & Mme, Suessem

**SEKTIOUN DIDDELENG**

SCHULER Aloyse & Mme, Diddeleng

**SEKTIOUN LËTZEBUERG-STAD**

HOFFMANN Tom & Mme, Lëtzebuerg
KREMER Léa Mme, Lëtzebuerg
TERNES Félix, Lëtzebuerg

**SEKTIOUN HESPER**

SCHMITZ-WAGNER Eugenie Mme, Alzeng
HOFFMANN Nicolas Mme, Houwald
JUNG Théo, Alzeng
BACH-NANQUETTE Nic., Houwald
BLITGEN Pierre, Izeg
PAULY-REHLINGER Eric, Houwald
LINDEN André, Hesper
SCHUMACHER Nic., Haassel
RUPPERT Armand, Houwald
LINDEN André, Houwald
THINNES Jos., Houwald




**10.10.2004**
**Aweiung vun enger Gedenkplack fir „Les Morts pour la Patrie 1940–1945" aus der Gemeng Kéinzig-Féngig.**

Vir säitlech d'Gedenkplack, fir déi Leit, déi onsen EDF am Krich geholfef hunn, ze éieren op der Plaz vun den Zwangsrekrutéierten.

# Agenda

| | |
|---|---|
| ***21. Abrëll 2005*** | um 11.15 Auer Oktavmass vun den Enrôlés de Force an der Kathedral |
| ***24. Abrëll 2005*** | No der Muttergottesprëssessioun géint 16 Auer ass zu Cliärref beim GI-Denkmol eng Gedenkzeremonie duerch d'Federatioun an d'Sektion Enrôles de Force Nord-Cliärref |
| ***1. Mee 2005*** | Schlussprëssessioun an der Stad |
| ***7. Mee 2005*** | Konveniat GEMBITZ-DEUTSCHWALDE zu Biissen |
| ***21. Mee 2005*** | Nationalkongress vun den Enrôlés de Force zu Mutfert organiséiert vun der Sektioun Conter |
| ***11. September 2005*** | Journée commémorative an der Stad (Bauresonndeg) |

# Sommaire


Nationalkongress vun der „Fédération des Enrôlés de Force" ........ 2
Bienvenue à Moutfort ........ 3
Kurzer Rückblick in die Geschichte ........ 4
Das regionale Museum der Zwangsrekrutierten ........ 6
Historique iwwert d'Schafung vum „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé" ........ 7
10. Konveniat vun de Komeroden aus russescher Gefaangeschaft ........ 8
91 Kerzen für 91 kaltblütig ermordete Kameraden ........ 9
De Kräizwee vun den Zwangsrekrutéierten ........ 12
Un all fräi Lëtzebuerger ........ 13


Redaktiounsschluss fir Nr. 3/2005 ass den 10. Juni 2005. Merci!


**Fédération des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
Siège: 3A, rue de la Déportation, L–1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L–1024 Luxembourg,**
**tél. + fax: 48 32 32 – CCPL: IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

**Rédaction du bulletin bimestriel: «Les Sacrifiés»,** c/o **Norbert Melcher**
1, Wisegässel, L–7333 Steinsel, tél. 33 60 30

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»: Jules Giersch,**
14A, rue de Sélange, L–4965 Clemency, tél. 50 21 37

**Service social aux Enrôlés de Force: Emile Gruber,**
14A, rue de Diekirch, L–7440 Lintgen, tél. 32 60 22
En cas de non-réponse: 3A, rue de la Déportation, L–1415 Luxembourg, tél. 48 32 32

**Amicale des anciens de Tambow:**
Secrétariat: 14, rue de Kahler, L–8378 Kleinbettingen, tél. 39 60 39
**CCPL: IBAN LU75 1111 0240 0748 0000**

**Association des survivants des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
Siège: 3A, rue de la Déportation, L–1415 Luxembourg. Tél. Flammang M. 48 16 76

**Enrôlés de Force, section Hollerich-Gare,**
Secrétariat: Jules Giersch, 14a, rue de Sélange, L–4965 Clemency
**tél. 50 21 37 – CCPL: IBAN LU07 1111 2035 8882 0000**

**Impression:** saint-paul luxembourg